**Communiqué.**

Lëtzebuerg, den 29. Februar 2024

**Faillite am Bausecteur.**

## Ass d'Blos um Platzen?

No Cardoso Construction leschte Summer ass elo déi nächst Baufirma, Carvalho Constructions générales, an der Faillite. Trotz engem volle Carnet hätt d'Entreprise duerch verschidde Chantieren, déi méi deier ginn si wéi virgesinn, Liquiditéitsprobleemer kritt, sou beriichten d'Medien. Et ass also hei net de Mangel un Aarbecht deen en cause ass, mee einfach déi verréckt Präisser um Immobiliemaart. Dorënner leiden elo 103 Salariéen, déi mat grousser Ongewëssheet an eng däischter Zukunft blécken.

Mat der Regierung hirem Logementspak konnt dës Faillite net verhënnert ginn, well et sech hei ëm Steierkaddoen handelt, déi d'Präisser kënschtlech héich halen an also näischt um fundamentale Problem vun der Deierecht änneren. Fir déi 103 Salariéen ass et ëm sou méi schwéier well elo schonn eng Rei Entreprisen aus dem Bausecteur vu Chômage partiel profitéieren. Et gëtt also komplizéiert dës Aarbechter an Aarbechterinnen ënnerzekréien.

Wou Cardoso Faillite gemaach huet, haten déi Lénk déi deemoleg Regierung opgeruff, dës Firma z'iwwerhuelen[1], fir d'Aarbechtsplazen ze retten. déi Lénk sinn nach ëmmer der Meenung datt eng privat rechtlech Baufirma mat ëffentlechem Kapital ee wichtegt Standbee vun enger seriöer ëffentlecher Baupolitik soll sinn. Rechtlech steet enger staatlecher Reprise vun enger Baufirma näischt am Wee. Wann d'Faillite bis gesprach ass, kann de Staat beim Liquidateur virstelleg ginn an d'Firma, déi dono kengem méi gehéiert, iwwerhuelen. Praktesch kéint de Staat esou séier un dat néidegt Material kommen. Politesch géing de Staat sech endlech d'Moyene ginn op den Immobiliemaart anzewierken  an eegen abordabel Projete weiderzedreiwen ouni vu private Promoteuren oder Baufirmen ofzehänken. Sozial kann de Staat garantéieren, datt d'Salariéë vun enger Baufirma mat ëffentlechem Kapital zu gudde Conditioune schaffe kënnen. Spéitstens säit der « Enquête sectorielle dans le secteur de l'immobilier résidentiel », déi d'Autorité de la concurrence am Juli 2023 veröffentlecht huet[2], wësse mer datt gutt Aarbechtsconditiounen am Secteur d'Ausnam sinn, an net d'Reegel

---

[1] https://dei-lenk.lu/2023/07/28/de-staat-soll-manuel-cardoso-constructions-iwwerhuelen/

[2] https://concurrence.public.lu/content/dam/concurrence/fr/avis-enquetes/enquetes/2023/enquete-immobilier-residentiel.pdf

déi Lénk fuerderen also elo och dës Regierung op, Carvalho Construction générales z'iwwerhuelen, déi 103 Aarbechtsplazen ze sécheren a sech endlech d'Moyenen ze ginn ee seriöen Acteur am Wunnengsbau ze ginn. Wat e bréngt op de private Marché ze setzen, dat weisen eis déi lescht Joren. déi Lénk froen sech och wéi vill Faillite mer nach am Secteur brauche bis d'Regierung mierkt datt se agräife muss?